1-2019-0-D-5713-01 (n°3134)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
06 FEV. 2020

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Februar 2020

Här President,

a Konformitéit mat dem Artikel 87 vum Reglement vun der Chamber wollt ech heimat eng Aktualitéitsstonn iwwert de COPRAL (Cours de préparation à l'Armée luxembourgeoise) ufroen.

De COPRAL soll geschwënn evaluéiert ginn, wat awer, duerch d'Reform vun den Opnametester vun der Arméi, elo méi schwiereg gëtt. Gläichzäiteg leit d'Arméi nach ëmmer un engem Defizit u Fräiwëllegen.

De facto ass de COPRAL och eng Méiglechkeet fir Jonken, déi vläicht en erhéichte Risiko hunn fir d'Schoul ofzebriechen, nei Perspektiven opzemaachen.

Den Interessi vun der Chamber um Sujet gouf rezent nach duerch eng Serie vu parlamentaresche Froen dokumentéiert. Et wär also sënnvoll, et der Chamber ze erméiglechen, iwwer de Pilotprojet COPRAL Stellung ze huelen an et der Regierung doduerch ze erliichteren, iwwer d'Zukunft vum Projet ze befannen.

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**